SYFEL

Syndicat des Fabriques d'église du Luxembourg a.s.b.l. RCS n° F 10322 syfel@syfel.lu

15, am Duerf L-7651 Heffingen CCPL LU08 1111 7035 7433 0000

MERCI!!!

Léif alleguer,

Am Numm vum Comité a vum Verwaltungsrot, soe mir Iech een

ganz groussen an oprichtegen Merci,

datt Dir sou gutt gehollef hutt, d'Petitioun N°715 z'ënnerstëtzen.

Méi wéi 11'500 Ënnerschrëfte sinn zesummekomm, dovunner ca. 7'900 op de Lëste gesammelt!! Respekt! Dat ware vill Telefonater, Mailen, Gespréicher, Kilometer an och Courage, déi Dir opbruecht hutt. An dat alles weist, datt mir Kiercheréit

- ✓ nach laang net sou inaktiv sinn, wéi mer ënnerstallt kréien;
- ✓ nach laang keng Minoritéit sinn, déi een einfach iwwergoe kann;
- ✓ eppes zustane bréngen, wann mer zesummenhalen;
- ✓ mir net alleng do stinn, mat eiser Iddi vun dem Erhalt an der Moderniséierung vun de Kierchefabrécken.

Besonnesch wëlle mer awer och allen Paschtéier, pastorale Mataarbechter an Parbüroen en „*Vergelts's Gott*" soen. Merci, datt Dir trotz den deelweis widregen Emstänn Reklamm gemaach hutt fir d'Petitioun an domadden zum Erfolleg bäigedroen hutt.

Dëst ass elo eng weider Etapp, déi hier Friichten hoffentlech am Debat dréit, deen mer dann an der Chamber wäerten hunn, wou mer eis *Causa* virun den Dammen an Hären Deputéiert virstellen a verteidege wäerten. An déi nächst Schrëtt wäerten an deenen kommenden Deeg a Wochen och ugaange ginn.

Dofir gëllt et elo weider solidaresch ze sinn an zesummenzehalen!

Nach emol MERCI a mat allerbeste Gréiss

Fir de Comité

Hiefenech, de 22. November 2016

Serge EBERHARD
President

Marc LINDEN
Vizepresident